# Definitivt Konzept vum Schülerparlament

| | |
|---|---|
| Vertrieder | - 2 pro Klass vum C2-C4. Den C1.2 schéckt 2 Observateure. Si hu begrenzt Stëmmberechtegung |
| Dauer vum Mandat | - 1 Joer. D'Kanner däerfen 1Mol pro Cycle gewielt ginn. |
| Wahlen Vertrieder | - All Kand ass eligibel. Déi 2 déi am meeschten Stëmmen kréien kënnen Vertrieder ginn. Si hunn 1 Dag Zäit fir sech ze decidéieren. Wann si hiert Mandat net akzeptéieren rutscht den nächst-gewielten no<br><br>- All Kand kann 2 Stëmmen ofginn. Ziedelen mat méi wéi 2 Stëmmen gëllen net<br><br>- Et kann e pro Kand max. 1 Stëmm ofginn, et dierf een sech selwer och 1 Stëmm ginn<br><br>- Zäitpunkt: Am September, virun der 1. Sitzung<br><br>- E Responsabel vum Léierersonal geet mat de Wahlziedelen, op deem all d'Kanner drop stinn (am 2 Joer vun engem Cycle sinn d'Vertrieder vum Joer virdrun net op der Lescht), an d'Klassen a féiert mam Titulaire d'Wahlen duerch. An den ënnneschte Zyklen ginn d'Nimm duerch Fotoen ersat.<br><br>- D'Wahlen sinn anonym<br><br>- D'Resultat gëtt dee selwechten Dag bekannt |
| Aufgabeberäich Vertrieder | **Aktivitéiten fir d'Schoulgemeinschaft plangen**<br><br>Et gëtt 1 **kleng Aktivitéit** (Pausen Fussball/Uno WM) an 1 **grouss Aktivitéit** organiséiert (Ausstellung / Schoulfest). De Kader vum Schoulfest gëtt weiderhin vun engem Aarbechtsgrupp vum Léierpersonal definéiert. D'Parlament bestëmmt bspw. d'Thema an eng Rei vun den Aktivitéiten<br><br>**Bilan vun de Sitzungen maachen an Rapport virliesen**<br><br>Op jiddefalls sollen d'Kanner no der Sitzung hire Komeroden e kuerze Bilan mat de wichtegste Punkte maachen en attendant, datt de Rapport kennt. Dëse sollen si virliesen (an de klenge Klassen kann dëst och den Titulaire maachen) |

| | |
|---|---|
| | **Schoulregelen**<br><br>An der éischter Sitzung vum Joer diskutéieren an adaptéieren d'Vertrieder d'Schoulreglen, duerno solle si se an de Klassen presentéieren<br><br>**Problemer an Verbesserungsvirschléi diskutéieren**<br><br>Problemer an der Paus diskutéieren, Projetën initiéieren, signaléieren, wa Saachen futti sinn, …<br><br>gegebenenfalls **Kanner, déi oft streiden an d'Schülerparlament convoquéieren**<br><br>**Divers:**<br><br>- eventuell ½ Stonn pro Woch fir eng Aart Klasseparlament/Gespréichskreess maachen (z.B. am Lëtzebuergeschen oder an de Sciences) reservéieren<br><br>-> Hei kennen Saachen um Niveau vun der Klass diskutéiert ginn an och de Rapport vun de Sitzunge gemaach ginn, d'Punkten diskutéiert ginn, déi sollen an der Klass beschwat ginn.<br><br>- Et kann een eng Aart **Bréifkëscht** an der Klass halen<br><br>-> Hei kennen d'Kanner Reklamatiounen a Suggestiounen op virgefäerdegt Kaarten schreiwen (net anonym) Et gëtt an der Klass beschwat an gegebenenfalls vun de Vertrieder mat an d'Parlament geholl. Et dierf een seng Kaart eventuell och direkt un de President ginn, wann een eng ze grouss Bewäertung an senger Klass fäert |
| Présidence an Sekretariat | - just Kanner aus dem 3.2, an dem C4 sinn eligibel. Déi 2 ginn an der 1. Sitzung vun de Vertrieder gewielt. |
| Wahlen vum President a Sekretär | - Wahlen vum President a vum Sekretär an der éischter Sitzung intern am Parlament. Déi eligibel Kanner stellen sech kuerz fir. D'Vertrieder wielen (1 Stemm fir de President, 1 Stemm fir de Sekretär)<br><br>- Si kennen d'Mandat unhuelen oder ofleenen |
| Aufgabeberäich President | **Leede vun de Sitzungen** |

| | |
|---|---|
| | - De President kritt am Viraus den Ordre de Jour. An der Sitzung liest hien dëse vir.<br><br>- Hie vergëtt d'Wuert an zielt d'Stemmen bei den Ofstëmmungen<br><br>**Gestioun vun der Pinnwand**<br><br>- Eng Aart Vitrine ënnert dem Préau, wou d'Kanner kënnen z.B.<br><br>• Annoncen ophänken (Pub fir hier Aktivitéiten am Club maachen<br>• Annoncen fir ze verkafen maachen<br>• Partner fir gemeinsam Aktivitéiten sichen<br>• Rapporten vum Schülerparlament an d'Presentatioun vun de Vertrieder noliesen<br><br>➔ Dëst Schouljoer benotzen mir nach d'Panneauen an der Entrée vum Gebai, mir froen eis en Devis fir eng Vitrine<br><br>➔ De President vun „Eis Meenung" huet de Schlëssel<br><br>bei der aktuelle Pinnwand muss hien säi Krop drop maachen, wann een eppes well ophänken |
| Aufgabeberäich Sekretär | Rapport schreiwen<br><br>President vertrieden, wann dëse krank ass<br><br>President beim Leeden vun der Sitzung ënnerstëtzen |
| Heefegkeet vum Schülerparlament | - 1. Mol am Mount |
| Numm vum Parlament | - EIS MEENUNG<br><br>gouf 2012 vun de Kanner virgeschlo a gewielt |

**Am Virfeld vun de Wahlen** zum Schülerparlament gëtt d'Thema „Demokratie" an der Schoul behandelt (Prinzipien vun der Demokratie etc ………)

**Info** beim Sandra Thinnes (thinnes.sandra@education.lu)